ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 18/06/2024

# Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

## Sëtzung vum 04 Juni 2024

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| DOEMER Patrick | BOCK Stefanie (entschëllegt) |
| CINCIS Patrick | BROSIUS Thierry (entschëllegt) |
| LEROY Michelle (online) | MEYER Louis (entschëllegt) |
| PINTO Toni | REDING-SCHARLE Corinne (entschëllegt) |
| VOSSMAN-KIEFER Diane | |
| WETZEL Mike | |
| WIRTZ Sandra | |

## Punkt 1: Avis Schäfferot

De Schäfferot huet dréi Avisen zum leschte Rapport vun der Kulturkommissioun ofginn.

**Bam Planzaktioun**

Den Avis vum Schäfferot:

*Bam Gemengerot / Neigebueren : de Schäfferot ass der Meenung, datt all neigewielte Conseiller ee Bam soll doheem geplanzt kréien, dëst wären da 4 Beem. Dës Aktioun kéint moies stattfannen an am Laf vum Dag kéint de Bam fir déi Neigebuere geplanzt ginn, dëst um Site vum Campus. De Schäfferot proposéiert den Datum vum 16/11 /2024 (eng Woch nom Dag vum Bam) fir net a Konkurrenz mat Bamplanzaktioune vun anere Veräiner ze geroden.*

Kommissioun heelt den Avis vum Schäfferot zur Bam Planzaktioun zur Kenntnis, a gesäit sech lo net mei an der Roll fir des Aktioun weider ze feieren.

Helperknapp, 18/06/2024

**Mérite Bénévolat**

Den Avis vum Schäfferot:

*De Schäfferot huet Bedenke geäussert zu der Iddi vum Mérite Bénévolat. D'Gemeng Helperknapp wär nach ze jonk an et misst een dës Iddi schonn op déi nei Gemeng beschränken an dofir wär dëst nach ze fréi.*

Kommissioun kann des Decisioun net verstoen, well och statlech Instanzen sech asetze fir de Benevolat ze ënnerstëtzen. Dofir bedauert Kommissioun dass keng Diskussioun gesicht ginn ass a kann net verstoen dass Gemeng ze jonk fir en Mérite Bénévolat anzeféieren. Mir begréissen et datt Auszeechnungen an aner Beräicher awer weiderlafen, wat awer dozou féiert dat mir dësen Avis nach manner novollzéie kënnen.

**Entente Helperknapp**

Den Avis vum Schäfferot:

*D'Iddi vun enger Entente Helperknapp wär gudd geduecht, mee de Schäfferot ass der Meenung datt d'Geréiere vum Manifestatiounskalenner an dem Material Inhaus ( Gemeng & Service technique) soll gereegelt ginn. D'Kommissioun ka gären een Avis ofginn, mee d'Gemeng giff et weider verwalten.*

**Conclusioun no den dréi Avisen:**

No dësen 3 Avisen freet Kommissioun sech wou de Roll vun der Kulturkommissioun an der Gemeng ass a vermësst an dësem Sënn den Dialoge mat dee Responsabelen.

## Punkt 2: Divers

- Wëll d'Membere vun der Kulturkommissioun d'Wichtegkeet an de Roll vun der Kultur an onser Gemeng a bei de Responsabele vun der Gemeng aktuell net wouerhuele kënnen, géifen si sech iwwert een Dialoge am Presentiel freeën. Bis op Weideres ginn dann och keng Versammlunge méi aberuff.
- Den Thierry BROSIUS huet iwwer WhatsApp den 28. Mäi 2024 matgedeelt dass hien net mei an der Kulturkommissioun ass. Am WhatsApp kruten mir follgende Message:
  *Gudden Moien,*
  *Heimat mellen ech mech vir d'kommissioun Of.*
  *Et passt ma zeitlech net, an Versammlungen sin oft zu Deeg wou ech net kann.*
  *den Ben Baus wees och bescheed.*
  *Ech wenschen iech nach vill Erfolleg*